C'est pourquoi nous comptons sur votre générosité pour nous soutenir dans la réalisation de nos projets moyennant un don dont le montant est à votre choix :

Association des parents d'élèves Grosbus-Dellen
Raiffeisen
LU25 0090 0000 0298 5406

Vous pouvez également soutenir l'APEGD en devenant membre de notre association.

Pour tout complément d'information :
Président : André Georges (621 215 101)
Payconiq : 621 794 332
Facebook : APEGD Eltervereenegung Grosbus-Dellen



D'Eltervereenegung Grosbus-Dellen schafft all Dag fir d'Erzéiungs- a Familljeninteressen an eiser Gemeng ze fördern.
Eis Haaptziler sinn d'Sécherheet an d'Wuelbefannen vun de Kanner.

Als Associatioun si mir op d'Generositéit vun den Awunner aus eiser Gemeng ofhängeg fir d'Finanzéierung vun eise Projete, wéi zum Beispill den Halloweensbal fir Kanner oder d'Verdeelen vu Kaddoen un all d'Kanner aus der Gemeng am September bei Schoulufank.

Dofir ziele mir op Är Generositéit fir eis bei der Ausféierung vun eise Projeten duerch en Don ze ënnerstetzen:
Raiffeisen
LU25 0090 0000 0298 5406

Dir kënnt och d'APEGD ënnerstëtzen andeems Dir Member vun eisem Veräin gitt.

Fir all wieder Informatioun:
Président : André Georges (621 215 101)
Payconiq : 621 794 332
Facebook : APEGD Eltervereenegung Grosbus-Dellen

Neiegkeete Groussbus-Waler Musek

Du spills en Instrument a sichts eng néi Erausfuerderung?

Da bass du bei eis genee richteg!

Mir freeën eis iwwert all neie Musikant, egal ob Amateur oder Profi, ob jonk oder al. Zéck net, dech bei eis ze melle fir weider Informatiounen. Gäre stelle mir Dir och een Instrument zur Verfügung.

Nieft eise reegelméisseg Prouwen, Hämmelmärsch a Concerten organiséiere mir och aner flott Ausflich an Aktivitéiten.

Eis Museksprouwen si
Freides vun 20 bis 22 Auer.

Eise Jugendorchester prouft
virdrun ab 19 Auer.

Adress:
11 rue Principale
L-8610 Buschrodt



www.gwm.lu

Ausflich Stuttgart

2016 war eise leschte gréisseren Ausflich an sou ass et héich Zäit gi fir erëm eng Kéier ee ganze Weekend mat gudder Stëmmung zesummen ze verbréngen. De 7. Januar si mir zu 26 mat Voyage Unsen Richtung Stuttgart gefuer. Do ukomm war Fräizäit ugesot fir Shopping, Iessen, Drénken asw. Owe ass et dunn Richtung SI-Zentrum gaange fir de Musical Tanz der Vampire kucken ze goen. Nom Musical hu mir den Owend am Bowlingcenter nieft eisem Hotel mat deem engen oder anere Cocktail oder Béier ausklénge gelooss. Um Heemwee den Dag duerno ware mir nach zesummen iessen a waren eis eens, dass et keng 6 Joer méi duerf dauere bis eisen nächste Ausflich.



Generalversammlung 19.03.2023

No der jorelaanger gemeinsamer Zesummenaarbecht vun de Museke vu Groussbus a Wal ass dëser Deeg di nei Groussbus-Waler Musek asbl (GWM) offiziell an hiner 1. Generalversammlung dem breede Public presentéiert ginn. An zwou ausseruerdentleche Generalversammlungen sinn di eenzel Veräiner opgeléist ginn, an d'Nettoverméige vun engem ernannte Liquidateur an dee neigegrënnte Veräin iwwerfouert ginn. Veräinsvertrieder vu béide Säiten hunn op den historesche Moment vun dëser Grënnung higewisen, woubäi et hinnen awer och wichteg war ze betounen, dat jidder Musek seng eege Geschicht wäert behalen, wéi se och an onzielegen Dokumenter festgehale ginn ass. Bei dëser Geleeënheet ass och dee neie Veräinslogo virgestallt ginn, deem sech faarflech um neie Logo vun der Fusiounsgemeng orientéiert. D'Gemengevertrieder vu Groussbus a Wal hu schlüsslech deem neie Veräin zu dësem Schrëtt felicitéiert an hier Ennerstetzung an de nächste Joren zougesot.

vlnr: Loesch Pierre, Gereke Julie, Arendt Pol,
Faber Samantha, Loesch Carine, Pletschette
André, Gravé Michaël, Ney Charel
Op der Foto feelt: Arendt Pit

Galaconcert 01.04.2023

Di nei forméiert Groussbus-Waler Musek haat sech Wierker vum Auteur Jacob de Haan als Haaptthema vun hirem rezente Galaconcert erausgesicht. An enger bis op di leschte Plaz voll besater Sportshal beim Prommenhaff ass et der nei fusionéierter Musek ënnert der Direktioun vun Sophie Pammers gelonge mat bekannte Melodien ewéi "Show must go on" vu Queen oder "Hotel California" vun The Eagles de Public ze begeeschten. Den Ufank huet de Jugendorchester gemaach, woubäi et dem Presentateur Roger Gereke dru geleeë war z'ënnersträichen, dat d'Zukunft vun der Groussbusser-Waler Musek definitiv dierft assuréiert sinn.



Kiermes zu Heeschpelt

Den 30. Abrëll war Kiermes zu Heeschpelt. Traditionell si mer den Dag virdrun duerch d'Duerf gaangen an hunn den Hämmelmarsch gespillt. Um Kiermessonndeg selwer hu mer dunn een Animatiounsconcert virum Kiermesbal an der Groumprenhal gespillt.



Texter: Roger Gereke, Julie Gereke & Pol Arendt
Fotoen: Mireille Gereke Pletschette & Antoinette Ney



D'Frënn vun der Bëschrieder Kierch fueren den 20. August op Orval.

Jiddereen ass häerzlechst invitéiert fir mat ze fueren



De Flyer mat der Beschreibung vum Dagesaflaf fannt Dir an dëser Zeitung

Der Legend no war et esou, datt d'Gräfin Mathilde, déi hire Brautrank bei der Quell vum Floss „Ourdel“ verluer hat, zu Gott gebiet hat fir de Rank erëm ze fannen. Doropshin koum eng Frell un d'Waasseruewerfläch an hat de Rank an hirer Maul (Logo Orval). Aus Dankbarkeet huet d'Gräfin Mathilde dunn e Klouschter op dëser Plaz baue gelooss.

D'Geschicht vum Klouschter Orval geet zrëck bis an d'Joer 1070, wou sech deemools déi éischt Pateren hei néier gelooss haten. 1132 gouf d'Klouschter vun Zisterzientermönchen iwuerholl. Am Joer 1200 gouf hier nei Kierch geweit. Wärend dem 30jährige Krich gouf d'Klouschter am Joer 1637 zerstéiert. De Neesopbau huet bis 1700 gedauert ënner anerem duerch den Abt Charles de Bentzerad vun Iechternach. Wärend der franséischer Revolutioun gouf d'Klouschter Orval 1793 vu revolutionären Truppen geplënnert a néiergebrannt. Alles gouf zerstéiert. D'Klouschtergemeinschaft huet sech an hire Refugium zu Lëtzebuerg zrëck gezunn, fir duerno op aner Kléischer verdeelt ze ginn. Vun 1926 bis 1948 ass dat neit Klouschter Orval entstan.

Den 1te Lëtzebuurger Herzog Wenzel I. (1352 – 1383) gouf am Klouschter Orval begruewen. Säi Grafsteen ass bis haut erhalen.



D'Klouschter Orval ass sécher ee Besuch wäert.

- Niewent dem impressionante Klouschtergebei aus dem 20te Joerhonnert an der mëttelalterlecher Klouschterrauin gëtt et sou munches ze entdecken.

- Am Klouschtermusee gëtt déi 900 Joer al Geschicht vum Klouschter duergestallt a verschidden Produkter z.B. aus der Konschtschmëdd gewisen (De Votivaltoer aus der Kathedral, deen all Joer zur Oktavzäit opgeriicht gëtt gouf am Klouschter Orval hiergestallt).

- Am Klouschterbuteck gëtt et niewent Bicher, reliésen Artikelen a Souveniren och de berühmten Orvaler Béier an den Orvaler Kéis ze kafen.

- Am Restaurant „A l'ange gardien“ kann ee sech mat regionalen an Orvaler Spezialitéite verwinne loossen.



D'Frënn vun der Bëschrieder Kierch machen een Dagesausfluch

op ORVAL Sonndes, den 20. August 2023

De Bus fiert pünktlech fort: - zu Bëschrued bei der Kierch um 8.15h
- zu Wal beim Veräinsbau um 8.30h

- um 10.00h ass eng Mass am Klouschter Orval
- um 12.00h ass eise Grupp am Restaurant „A l'Ange Gardien“
- um 14.00h ass „Visite guidée“
- um 16.00h Klouschtershop
- um 17.00h Retour a Richtung Bëschrued
- um 18.00h si mir erëm doheem

De Bus, de Guide fir d'**Besichtigung** an den **Entrée** fir de Musée kaschten zesummen **25 €** pro Persoun

Kanner bis 12 Joer bezuelen **10 €**

Memberen vun de „Frënn vun der Bëschrieder Kierch“ gi gratis matgeholl

D'Mëttegiessen an d'Plaz am Restaurant ass reservéiert a muss am Viraus bezuelt ginn

Menü A: Assiette Terroir, Filet mignon de porc, Café gourmand, +

2 Gedrénks a Kaffi oder Tési fir 40 € pro Persoun

Menü B: Vegetaresch: Potage du jour, Tagliatelles aux légumes, Café gourmand, +

2 Gedrénks a Kaffi oder Tési fir 32 € pro Persoun

Menü C: Kannermenu: 1 Boulette sauce tomate & frites, Dame blanche +

2 Gedrénks 19 € pro Kand

Umelle kann ee sech bis den 1. August per Mail: jean.ferber@education.lu oder per

Telefon: 88 92 60 (Olga Huet)



Club Nei Brasilien

Entdeckt de Club des Jeunes "Club Nei Brasilien".

Gegrënnt 2020, si mir säit 3 Joer een aktiivt Team vu jonke Leit, déi vill Aktivitéiten an der Gemeng organiséieren. Mir hëllef op Fester an organiséieren och eegen Events, wéi zum Beispill de Bananebal mat de Gréiwelser Pompjeeën oder de Kiermesbal zu Gréiwels den 08. Juli 2023.

Mir sinn eng grouss an dynamesch Ekipp, déi och flott Owender an eisem schéine Clubsall organiséiert, fir eise Memberen d'Méiglechkeet ze ginn, sech besser kennen ze léieren. Hei e puer Andréck vun eis:



Hätt dir Spaass drun, een Deel vun eisem flotte Grupp ze ginn an dir sidd op d'mannst 16 Joer al da kontaktéiert eis op Facebook oder Instagram. Mir freeën eis lech kennen ze léieren!



Club Nei Brasilien

Heeschpelt sammelt fir d'Äerdbiewenaffer vun der Tierkei

De Südoste vun der Tierkei an de syresche Grenzgebitt, goufen de 6. Februar vun zwee schroen Äerdbiewen, déi stärkst Biewe vum Joerhonnert mat 7,8 a 7,5 Punkten op der Richterskala, getraff.

Dat éischt schwéiert Biewen huet sech an der Nuecht op e Méindeg entlueden sou dass vill Leit am Schlof iwwerrascht an d'Gebaier an e puer Sekonnen zerstéiert goufen. D'Gebaier, déi scho wärend dem éischte Biewe staark beschiedegt waren, si mam zweete Biewen direkt an de Koup gefall. No den éischten Äerdbiewekatastrophen huet de Buedem am tierkesch-syresche Grenzgebitt den 20. Februar op en Neits gewackelt. Dat drétt Biewen hat eng Stärkt vu 6,3 Punkten op der Richterskala wouduerch de Schued méi grouss ginn ass.

11 Provënzen an der Tierkei a 4 grouss Stied a Syrien goufe komplett zerstéiert, dorënner Autobunnen, Flughäfen, Spideeler, Schoulen, déi den Zougang an d'Liewen an der Regioun bal onméiglech gemaach hunn. Iwwer 60.000 Mënsche sinn ëmkommen an dausende Mënsche ginn nach vermësst.

10 Milliounen Leit hunn hier Haiser verluer, vun deenen 3 Milliounen an aner Deeler vun der Regioun geplënnert sinn, wärend de Rescht a provisoireschen Zelt- / Containerstied ënnerbruecht goufen. Laut der Weltgesondheitsorganisatioun brauche 6 Milliounen Leit a béide Länner Hëllef.

Déi staark Äerdbiewen déi den Ënnergrond iwwer eng Längt vu ronn 450 Kilometer – 40 Mol d'Gréisst vu Lëtzebuerg, opgerappt hunn, d'Wiederbedingungen an de Schued vun de logistesche Infrastrukture maachen et de Rettungsdéngschter méi schwéier an den Accès op Hëllef ass deemno besonnesch schwier. D'Auswierkunge vum Biewe gi wäit iwwer disponibel Ressourcen vum Land eraus an d'Iwwerliewende brauchen Hëllef. Dei kollektiv Ënnerstëtzung an d'Solidaritéit si weider gefrot.

Zu Lëtzebuerg hunn sech zanter Februar d'Membere vun der ACTL (Association Culturelle Turque au Luxembourg) zesumme gedoen an Eventer mat Spendenoprieff organiséiert, fir haaptsächlech de Schoulkanner déi ënner den Äerdbiewen an der Tierkei leiden, ze hëllef. D'Suen gongen un onofhängeg Veräiner fir Containerschoulen, Computer, Kleeder a Schoulmaterial.

Zu Heeschpelt ware mir esou begeeschtert ze gesinn, datt Kanner Sue gespent hunn, déi si wärend der Fuesent gesammelt hunn. De Veräin "Heeschpelter Naschtquakerten" huet och e generéisem Don fir d'Affer vum Äerdbiewe gemaach an eis immens géiert. Mir soen all den Awunner vun Heeschpelt e grouse Merci, besonneg dem Anika Reggie, déi d'Kanner begleet huet, an dem Jeanny Majery, fir den Don vun de „Heeschpelter Naschtquakerten“. Mir sinn esou frou a géiert, Deel vun der Heeschpelter Communautéit ze sinn. Merci!



Text: Gül-Fatih YUCEL

Viel los im Musée Thillenvogtei

Verstärkung im Vorstand

Am 20. März blickte der Vereinsvorstand zusammen mit den Mitgliedern des Museumsvereins auf ein erfolgreiches Jahr 2022 zurück. Drei Vereinsmitglieder erklärten sich bereit den Vorstand zu verstärken. Es sind Caroline Roemen, Marc Daemen und Joël Salentiny. Somit kümmern sich nun sechs Personen um die Geschicke des Museums, die Ämter sind folgendermaßen verteilt:

Armand Wagner, President

Caroline Roemen, Vize-Präsidentin

Nadine Nicks, Sekretärin

Elisabeth Ney, Kassenführerin

Marc Daemen, Vorstandsmitglied

Joël Salentiny, Vorstandsmitglied

Finanzielle Unterstützung durch das Kulturministerium

Kürzlich wurde mit dem Kulturministerium eine Konvention abgeschlossen, die dem Museum eine jährliche finanzielle Unterstützung durch den Staat absichert. Die Höhe der Finanzierung beläuft sich auf 50.000 Euro im Jahr. Die auf drei Jahre festgelegte finanzielle Hilfe durch die Oeuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte endet planmäßig dieses Jahr. Zusammen mit den Verantwortlichen der Stiftung konnte vor einiger Zeit eine positive Bilanz der letzten Jahre gezogen werden. Eine Unterstützung seitens der Oeuvre ist zukünftig für bestimmte Projekte denkbar.

Weekend vom Wëlle Westen

Am 8. und 9. Juli wird es eine zweite Auflage des Weekend vom Wëlle Westen geben. Anders als letztes Jahr sind die Besucher nicht zu allen vier touristischen Highlights im Kanton eingeladen sondern diesmal wird sich alles im Schiefermuseum in Obermartelingen konzentrieren. Neben zahlreichen anderen Akteuren und Ständen wird die Mannschaft vom Museum auf der alten Seilmaschine Springseile mit den Kindern drehen und Eisenkuchen nach altem Rezept auf dem Holzfeuer backen.



Sommer im Musée Thillenvogtei

In den Sommerferien wird das Museum wie bereits im Vorjahr jeden Donnerstag von 10 bis 18 Uhr geöffnet sein. Erneut wird dem Besucher Nachmittags jeweils eine Animation geboten, die im Eintrittspreis des Museum inbegriffen ist. Das genaue Programm zu den Animationen wird im Frühsommer veröffentlicht werden.

Backofen auf dem Përmesknupp

Neben unseren Aktivitäten in Rindschleiden wird das Museumsteam im Sommer zwei weitere Außeneinsätze haben. Am Wochenende vom 14. und 15. Juli werden auf dem Përmesknupp bei Kaundorf 50 Jahre Pirminusverein gefeiert. An beiden Tagen werden die Besucher zu einer theatralischen Zeitreise eingeladen, bei der auch der 2022, mithilfe des Museumsleiters André Kirsch, rekonstruierte Backofen zum Einsatz kommen wird.

Heischter Maart

Für alle Kinder, die nicht auf dem Fierkelsmaart in Rambrouch und auf dem Weekend vom Wëlle Westen waren und noch nicht die Möglichkeit hatten ein Springseil mit unserer alten Seilmaschine zu drehen, denen bietet sich am 30. Juli auf dem Heischter Maart eine letzte Gelegenheit für diese Jahr. Ein paar Kirmespiele werden auch auf dem Museumsstand zu finden sein.

Text: André Kirsch, Fotos: Musée Thillenvogtei

SAVE THE DATE

08.-09. Juli 2023:

14.-15. Juli 2023:

30. Juli 2023:

Sommerferien 2023:

11. November 2023

Wochenende „Wëlle Westen“ (Schiefermuseum Martelingen)

Animation Backofen Përmesknupp

Heischter Maart

Das Museum ist jeden Donnerstag von 10-18 Uhr geöffnet

2. Randschelter Kirmesbal

1. Mee bei der Jeunesse Groussbus



Mir, d'Jeunesse Grosbus, hunn eis och dëst Joer un déi schéin Traditioun gehalen an sinn den 1. Mee an den Bësch gaangen fir eis Meekränz ze bannen. Zesummen mat eiser flotter Ekipp vun Memberen hu mir am ganzen 4 Meekränz gebonnen, déi mir beim Festsall zu Dellen, eisem Clubsall an dem Papa e Citu opgehaangen hunn. Och dem Schankemännchen virun der Gemeng zu Groussbus seng Meekranz-Ketten huet net duerfen feelen. Dono hunn mer nach gemittlech zesummen gegrillt an sou laang et gong vum gudde Wieder profitéiert.

Text a Fotoen: Jeunesse Groussbus

Wenn Sie das Museum Thillenvogtei mit seiner Geschichte und seinen Aktivitäten unterstützen möchten, können Sie dies mit einer Spende tun an :

LU24 0019 4655 0203 7000
BCEELULL (von der Steuer absetzbar).
Verwendungszweck "2021/107 Musée Thillenvogtei".

oder

LU19 0099 7800 0070 6689
CCRALULL
Verwendungszweck "Don 2023"


Fotoen aus de Gemengen an Ëmgegënd

An dëser Rubrik fannt Dir Fotoen aus eise schéine Gemengen. D'Schäfferéit soe jidderengem ee grouse Merci, dee sech un dëser Aktioun bedeelegt. Dir kënnt eis Är Fotoen op folgend E-Mail schécken: c.buet@groussbus.lu

Sief et eng Foto vun engem Widderspektakel (Reebou, Schnéi,...), vun Déieren an der Ëmwelt oder einfach aus den Dierfer vun deenen zwou Gemengen, all Foto ass gär gesinn. Verschidder begéint Dir ënner Ëmstänn och emol op der Titelsäit erëm.



Uewen: Paul Engel, ënnen: René Kleman



Uewen: Paul Engel, ënnen: Cindy Frantzen





Uewen: René Kleman, ënnen: Mireille Gereke-Pletschette



Planéitentreffen zu Wal


Ufank Mäerz war et da souwäit. Héich um Himmel hu vill vun ons 2 liichtend Stären um Westhorizont erbléckst. Deem war awer nitt sou, mee et waren di zwee Planéiten Jupiter a Venus déi sech vum 1. op den 2. Mäerz 2023 e flotten Rendezvous ginn hunn, fir sech den Dag immens no ze kommen.



Kuerz no Sonnenopgank huet een dee flotten Planéiten-Duo schonn iwuer dem Westhorizont konnten bewonneren. Sie ware wuertwärtlech d'Stären vun der „bloer Stonn“. A Realitéit sinn di zwee Himmelskierper awer ongeféier 700 Milliounen Kilometer vuneneen, an d'Venus méi wéi 100 Mio. Kilometer vun der Ärd ewech.

Eng déck Woch virdrun, den 22. Februar 2023, waren se dem Mound den sich a Form vun enger Séchel gewisen huet, ganz no, an et huet een se flott an enger Konjunktioon gesinn, an enger Linn direkt zur Ärd. Leider war den Himmel bedeckt, an et konnt een an onser Gemeng dëse Moment nitt fotografesch festhalen, dofir awer wéi op der 2. Foto ze gesinn ass, puer Deeg mi spéit, wou d'Planéitekoppel dem Mound nach ëmmer ganz no war.

All 11-15 Méint treffen Jupiter a Venus eemol openeen, se sinn awer nitt ëmmer sou gutt ze gesinn. Am August 2025, dann nees sou schéin wéi, dëst Jor, daat Moies ganz fréi.

Text a Fotoen: Mireille Moser





Uewen: Antoinette Ney, ënnen: René Kleman



Amis Footballeurs de la Vallée de l'Attert

vous invite à leur

STAGE DE FOOTBALL D'ÉTÉ 2023

pour gardiens de but et joueurs de champ

du lundi, 31 juillet au vendredi, 4 août 2023

Horaire	Manifestations	Localisations
09h00	Rendez-vous	Vestiaires à Bettborn
09h30 – 11h00	Entraînement à thème	Terrain synth.
11h00 – 12h00	Ateliers techniques / Piscine U13/U15	Terrain synth. / Redange
12h30 – 14h00	Repas chaud – pause	Centre Culturel "Fabrik"
14h00 – 15h30	Entraînement à thème / Concours	Terrain synth.
15h30 – 15h45	Repos et collation	Terrain synth.
15h45 – 17h00	Matchs	Terrain synth.

Catégorie d'âge: 7 à 16 ans

**Inscription par site internet (QR-Code) et
par virement bancaire sur le compte AFVA:
Code BIC: BCEELULL ; Code IBAN:
LU30 0019 5155 5973 7000**



**Prix pour un participant: 250€ (Shirt, short et bas inclus)
Prix par personne à partir de 2 participants: 230€ (Shirt,
short et bas inclus)**



Contact responsable de l'AFVA:

Tél: 621 286 754

Mail: info@afva.lu





LAWW - Laftreff am Wëlle Westen

Säit dem Februar 2023 gëtt et een neie Laftreff am Kanton Réiden, de „LAWW“. Bei all Wieder gëtt gelaf, an nient der Bewegung steet virun allem eppes am Vierdergrond: de Spaass an eng gutt Stëmmung! Eng ronn 15 motivéiert Bierger aus dem Kanton hu sech bis elo ëmmer reegelméisseg getraff fir zesummen ze lafen.

Treffpunkt ass ëmmer Dënschdes owes zu Réiden, beim Restaurant „New Relais Postal“, Start ass ëmmer pünktlech um 18:45 Auer. Et ginn ëmmer 5-10 Kilometer gelaf, ideal fir Ufänger an och Amateure vum Lafsport. Den Treffpunkt an d'Lafstrecke wäerten an Zukunft och ausgeweit ginn op déi aner Gemengen am Kanton. Et gi schliisslech vill schéi Weeër an eisem Wëlle Westen ze entdecken!

Dofir zéck nitt a mell dech wanns du Loscht hues mat lafen ze goen fir méi Informatiounen ze kréien:

- Email: lafenamwellewesten@gmail.com,
- Telefonsnummer: 691 29 05 91,
- oder och ze fannen op Facebook an Instagram: *LAWW-Lafan am Wëlle Westen*



Directement sur Hoplr ?
Scannez le QR-code



INVITATION

Réseau de quartier Groussbus-Wal

Qu'est-ce que Hoplr ?

Hoplr est un **site web et une application pour le quartier**. Les habitants de **Groussbus-Wal** peuvent utiliser Hoplr pour entrer en contact avec leurs voisins.

- Apprenez à connaître vos nouveaux voisins
- Organisez ou participez à des activités dans votre quartier
- Recevez des notifications concernant votre quartier
- Demandez et/ou offrez de l'aide à vos voisins
- Trouvez un(e) baby-sitter
- Organisez une action de nettoyage
- Empruntez des objets
- Trouvez un(e) spécialiste
- Trouvez de l'aide pour vos tâches ménagères
- Tout sur votre quartier !

Dans le cadre du Pakt vum Zesummeliewen, le Kanton Réiden met à votre disposition Hoplr en tant que résident de **Groussbus-Wal**. C'est **gratuit, sans publicité et sécurisé**.



Si vous avez des questions sur l'application, vous pouvez nous contacter à l'adresse e-mail hoplr@kanton-reiden.lu.

Inscrivez-vous maintenant

1. Rendez-vous sur www.hoplr.com et indiquez votre adresse
2. Cliquez sur 'Recherchez votre quartier'
3. Indiquez votre code de quartier et inscrivez-vous

4. VOTRE CODE DE QUARTIER

9NTNT

Si vous avez besoin d'aide ou d'information, envoyez un e-mail à support@hoplr.com



Par ATERTDALL Sainte-CLAIRE

CENTRE PAROISSIAL: 40, Grand'rué L- 8510 Redange-Attert
Site: <https://cathol.lu/atertdall>

ÉQUIPE PASTORALE:

Père Jean-Jacques FLAMMANG SCJ, curé-doyen Tél: 661 746 852 jjf@scj.lu

Père Mathieu JANSSEN M.O., curé

Père Vincent BILLOT & Père Jacques BAGNOUD, subsidiaires

Joke de KROON, coopératrice pastorale Tél: 691 497 273 j.dekroon@cathol.lu

SECRETARIAT & COMMANDE MESSES Tel: 23 62 10 53 / atertdall@cathol.lu Michèle ASSERAY, secrétaire

KRANKEN- & ALTENPASTORAL Tél. 23 62 07 20 / 621 618 855 Marie Claire RASQUÉ

NOUT-TELEFON BEGRIEFNISPASTORAL / EQUIPE DE FUNÉRAILLES - URGENCES tél. 621 686 102

KATECHES – CATÉCHÈSE 2023/24

>> **Aschreibungen fir d'Kateches 2023-2024** <<



Léif Elteren,

Déi nei Aschreibungen fir d'Kateches lafen un ab 19. Juni 2023.

All Informatiounen kritt dir am Parbüro Tel: 23 62 10 53 atertdall@cathol.lu

D' Formularen fir d'Aschreibungen fannt dir dann op eisem Site: <https://web.cathol.lu/article6545>

D'Aschreibungen sin bis den 13. Juli 2023.

>> **Inscription au cours de catéchèse 2023/2024** <<

Chers parents,

Les inscriptions pour la catéchèse débiteront le 19 juin 2023. Pour toute information, veuillez

contacter le secrétariat paroissial: Tél : 23 62 10 53 ou par courriel: atertdall@cathol.lu

Les fiches d'inscriptions seront disponibles sur notre site: <https://web.cathol.lu/article6545>

La date butoir pour les inscriptions est fixée au 13 juillet 2023.

Kommioun & Firmung 2024

>> **Aschreibungen fir d'Kommioun oder d'Firmung 2024**



All Informatiounen kritt dir am Parbüro Tel: 23 62 10 53 atertdall@cathol.lu

D' Formularen fir d'Aschreibungen fannt dir op eisem Site:

<https://web.cathol.lu/article4410> (Kommioun) & <https://web.cathol.lu/article4406> (Firmung)

D'Aschreibungen sin bis den 13. Juli 2023.

>> **Inscriptions au sacrement de la communion ou confirmation 2024** <<

Veuillez prendre contact au bureau paroissial Tél : 23 62 10 53 ou par courriel: atertdall@cathol.lu

Les fiches d'inscriptions sont disponibles sur notre site:

<https://web.cathol.lu/article4406> (confirmation) & <https://web.cathol.lu/article4410> (communion)

La date butoir pour les inscriptions est fixée au 13 juillet 2023.

D'Eischt Kommioun 2024



Fir d'Virbereedung op d'Eischt Kommioun sinn 11 Versammlungen vun 90 Minutten virgesinn.

D'Kanner, déi schon **2 Joer Kateches** gemaach hunn, an op **manst 8 Joer** hunn kënnen sech fir dës

Virbereedung aschreiw, esou wéi et hinnen am beschte geet:

entweder dënschdes oder donneschdes nomëttes, oder samschdes mueres.

D'Virbereedung op d'Eischt Kommioun gëtt vu Bénévolen zesummen mam Curé-moderateur gemaach.

D'Virbereedung op d'Eischt Kommioun ass eng aner wéi déi fir d'Kateches.

Meld äer Kanner w.e.gl. bis den 13. Juli 2023 un.

INFORMÉIERT

INDUSTRIELL RISIKEN
SEVESO

GESCHÜTZT

! **SEVESO.LU**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

accatalgu

Projet « Laponie 2023 », encore une nouvelle aventure pour le Reidener Jugendtreff

Ce projet dans un cadre exceptionnel visait à travailler l'estime de soi pour nos jeunes (froid, neige, paysages). En dehors d'un sentiment d'appartenance à construire et l'envie de vivre une expérience hors du commun, chaque jeune avait des objectifs bien précis, énoncés à l'avance pour la mise en œuvre de ce projet.



Un projet de groupe avec des adolescents nous permet de :


Développer des compétences sociales importantes, telles que la communication, la collaboration, la négociation et la résolution de problèmes. Ces compétences sont essentielles pour réussir dans la vie adulte.



Les projets de groupe peuvent donner aux adolescents une occasion de contribuer à quelque chose de plus grand qu'eux-mêmes. Le fait de travailler ensemble pour atteindre un objectif commun peut renforcer leur confiance en eux et leur sentiment de compétence.

Les projets de groupe, comme celui-ci, permettent aux adolescents de partager des idées et des perspectives différentes, ce qui peut stimuler la créativité et l'innovation. Cela peut également aider les adolescents à développer leur pensée critique et leur capacité à résoudre des problèmes de manière créative.

Les adolescents peuvent acquérir de nouvelles compétences et connaissances en travaillant sur des projets concrets plutôt qu'en étant simplement passifs. C'est pour cela que nous mettons en place des projets communs avec La Trace ASBL.



Les projets de groupe peuvent aider à renforcer l'identité de groupe des adolescents. Cela peut les aider à se sentir connectés à leurs pairs et à leur communauté, ce qui peut renforcer leur sentiment d'appartenance et leur engagement envers leur groupe.

En somme, un projet découverte avec des adolescents peut offrir une expérience enrichissante et formatrice pour tous les jeunes en favorisant leur développement personnel et leur épanouissement.



Avec ce projet, les jeunes ont appris à se surpasser, à dépasser leurs limites, à être à l'écoute du groupe et surtout à se respecter les uns les autres.

Il s'agit maintenant d'utiliser les ressources et les résultats observés lors du séjour pour pouvoir faire évoluer nos jeunes au quotidien.

C'est ce que nous tentons de faire avec l'ensemble de nos projets.



Martine Thielmanns pour le Reidener Jugendtreff

Pflege der Naturschutzflächen in der Gemeinde Grosbous durch SICONA

Zu den wichtigsten Aufgaben des Naturschutzsyndikats SICONA gehört die Pflege zahlreicher Naturschutzflächen. Dabei handelt es sich zum Beispiel um artenreiche Feuchtwiesen, Wegränder und Streuobstwiesen, aber auch um Stillgewässer, die SICONA anlegt und deren ökologische Qualität langfristig aufrechterhalten werden soll. Es sind meistens Flächen, die sehr klein sind und wo sich eine landwirtschaftliche Nutzung nicht rentiert, die nass sind oder eine besondere Pflege benötigen, weil seltene Tier- oder Pflanzenarten dort vorkommen. Diese Naturschutzflächen sind in der Regel im Eigentum der SICONA-Mitgliedsgemeinden.

Pflegepläne als wichtige Basis

Da die verschiedenen Lebensräume unterschiedliche Anforderungen in Bezug auf die Pflege haben, muss für jede SICONA-Pflegefläche ein spezifisch angepasster Pflegeplan erstellt werden. Ein Pflegeplan beinhaltet nicht nur Anweisungen zu den Pflegemaßnahmen einer bestimmten Pflegefläche, z. B. einer Grünlandmahd, sondern auch den optimalen Umsetzungszeitpunkt der Arbeiten. Alle Pflegeflächen werden von Biologen der wissenschaftlichen Abteilung begutachtet, auf Grund fachlicher Kriterien charakterisiert, etwaige Beeinträchtigungen verzeichnet und die Pflege festgelegt. Der geeignete Pflegeplan wird auch in Bezug auf das Vorkommen der Tier- und Pflanzenarten erstellt und es wird miteinbezogen, ob sich die Fläche in einem Naturschutzgebiet mit eigenen Vorgaben befindet. Das Erfassen des Zustandes der Flächen muss regelmäßig wiederholt werden, die Pflegepläne aktualisiert und den aktuellen Gegebenheiten angepasst werden, etwa alle fünf bis zehn Jahre.



Abb. 1: Feuchtwiese

Umsetzung der Pflegepläne

Die Pflegepläne werden dann über die folgenden Jahre vom SICONA-Pflegetrupp umgesetzt. Eine regelmäßige Pflege ist zum Erhalt der Artenvielfalt unerlässlich. Denn überlässt man die Flächen sich selbst, werden diese schnell von dominanten Pflanzenarten (z. B. Brennnesseln, Weiden, Brombeeren) eingenommen und verbuschen mit der Zeit. Daher ist es im Allgemeinen notwendig, Grünlandflächen (Abb. 1) regelmäßig zu mähen oder zu beweiden. Dabei darf nicht zu früh oder zu oft gemäht werden, damit die Pflanzen zur Fruchtreife gelangen können. Die Pflegepläne sehen daher eine Mahd ab Mitte Juni vor.

Stillgewässer sind unter anderem für das Überleben vieler Amphibienarten wie des Kammolches und des Wasserfroschs (Abb. 2) sehr wichtig. Gerade diese beiden Arten sind auf offene und gut besonnte Gewässer angewiesen, weshalb verhindert werden muss, dass das Gewässer durch aufkommendes Gehölz am Ufer (z. B. Weiden) beschattet wird, mit Rohrkolben zuwächst oder verlandet.



Abb. 2: Wasserfrosch

Beim Erstellen des Pflegeplans muss aber gleichzeitig auch auf die weitere Gewässervegetation geachtet werden. Kommt z. B. eine seltene Wasserpflanze in einem Gewässer vor (z. B. der stark gefährdete Einfache Igelkolben, Abb. 3), muss sehr behutsam bei den Pflegemaßnahmen vorgegangen werden.



Abb. 3: Der stark gefährdete Einfache Igelkolben

Jede Pflegefläche (Abb. 4) hat ihre ganz eigenen Pflegebedürfnisse und benötigt daher einen speziell an sie angepassten Pflegeplan. Wichtig ist, dass die Pflegearbeiten zielführend für die seltenen Tier- und Pflanzenarten sind, aber auch arbeitstechnisch gut umgesetzt werden können.



Abb. 4: Auch in Ihrer Gemeinde pflegt SICONA nach einem eigens erstellten Pflegeplan Naturschutzflächen. Im Bild sehen Sie ein Beispiel eines Weihers im Gebiet „Freeschbruch“ in Grosbous.

Text und Fotos: SICONA

Kontakt SICONA – Naturschutzsyndikat

Wissenschaftliche Abteilung
12, rue de Capellen
L-8393 OLM
Tel: 26 30 36 25
E-Mail: administration@siconalu





www.schneidercartoon.com

Etat civil

Hochzäiten

Patrick Schaul - Kyra Lanners (25.3.2023, Grosbous) (Foto lénks)
 Marc Mersch - Britt van Gisteren (13.4.2023, Buschrodt) (Foto riets)



Nei Äerdebieger

Emil Kleber (18.2.2023, Grevels)
 Marie Nelissen (18.2.2023, Grevels)
 Mich Bernard (24.2.2023, Grevels)
 Remy Entringer (22.3.2023, Grosbous)
 Isac Gebregzabher (3.4.2023, Heispelt)
 Emma Goncalves Mourão (28.4.2023, Grosbous)
 Neven Jonathan Rodenburg Pop (7.5.2023, Heispelt)

Partenariat

Antunes Ribeiro João - Mendes Aldeia Maria
 (15.3.2023, Grosbous)

Et hunn eis verlooss

Barbe Neiertz-Dellere (20.2.2023, Heispelt)
 Ugo Vitali (22.2.2023, Grosbous)
 Elise Bettel (22.2.2023, Grosbous)
 François Klein (8.3.2023, Grosbous)
 Jean-Luc Filser (23.3.2023, Grosbous)
 Albert Kremer (25.3.2023, Grosbous)
 Nicole Braun (23.4.2023, Dellen)

Umierkung

All Hochzäiten, Gebuerten a Stierffäll aus der Gemeng ginn an dëser Rubrik publizéiert. Wann Dir am Fall sidd a net averstane sidd, sot eis w.e.g. Bescheed um Telefon 83 80 22-1 resp. 83 81 85 - 1 oder per E-mail op info@groussbus.lu resp. info@wahl.lu

Kontakt an Öffnungszäiten

Gemeng Wal

Bureaux / adresse postale:

32, rue Principale
 L-8838 Wahl
 Tel.: +352 83 81 85-1 Fax: +352 83 81 85-995
info@wahl.lu

Biergerzenter & Secretariat:

Marc Pleschette, secrétaire
 Tel: 83 81 85-220, marc.pletschette@wahl.lu

Monique Reinard-Klees, rédacteur

Tel: 83 81 85-200, monique.klees@wahl.lu

Jennifer Bodevin, rédacteur

Tel: 83 81 85-210, jennifer.bodevin@wahl.lu

Heures d'ouverture:

lundi, mardi et jeudi de 08:00 à 12.00 heures,
 mercredi de 14:00 à 18:30 heures

Recette:

Marc Ernster, receveur
 Tel: 838185-240, marc.ernster@wahl.lu
 Heures d'ouverture: sur rendez-vous

Service technique

Fax: (+352) 838185 - 995
service.technique@wahl.lu

Serge Fonck, ingénieur

Tél.: 838185 - 250, serge.fonck@wahl.lu

Bruno Andrino, expéditionnaire technique

Tél.: 838185 - 260, bruno.andrino@wahl.lu

Heures d'ouverture: sur rendez-vous

Gemeng Groussbus

Bureaux / adresse postale:

1, rue de Bastogne
 L-9154 Grosbous
 Tél. : +352 83 80 22-1 Fax: +352 83 86 55
info@groussbus.lu

Biergerzenter & Secretariat:

Carlo Stein, secrétaire
 Tel: 83 80 22-1, secretariat@groussbus.lu

Carole Weber, expéditionnaire

Tel: 83 80 22-1, population@groussbus.lu

Pol Diederich, rédacteur

Tel: 83 80 22-21, pol.diederich@groussbus.lu

Julie Schreiber, rédacteur-stagiaire

Tel: 83 80 22-25, julie.schreiber@groussbus.lu

Heures d'ouverture:

lundi, mardi et jeudi de 09:00 à 11.45 heures,
 mercredi de 14:00 à 18:30 heures,
 vendredi sur rendez-vous

Recette:

Marc Ernster, receveur
 Tel: 83 80 22-23, recette@groussbus.lu
 Heures d'ouverture: sur rendez-vous

Service technique

Centre Weihersäift
 7, Rue de Buschrodt L-9155 Grosbous
service.technique@groussbus.lu
 Déclaration de défauts: futti@groussbus.lu

Alex Berchem, ingénieur technicien

Tel: 83 80 22-30, GSM: 661 83 80 21

Pit Entringer, technicien - Tel: 83 80 22-38

Steve Beckers, rédacteur - Tel: 83 80 22-31

Heures d'ouverture: sur rendez-vous

